Dann ass dat Zweet, dass beim Stat eng grouss Offer u Formation continue besteet, déi vum INAP offréiert gëtt. An alleguer déi Leit, déi sech fir Formation continue interesséieren, déi kënnen dat jo liesen, wat do alles offréiert gëtt. Dat ass substanziell!

Do gesi mir - mir, dat ass elo de Ministère vun der Fonction publique an domadder also d'Regierung -, dass et Leit gëtt, déi ganz vill vun där Offer profitéieren, a Leit, déi ganz wéineg dovunner profitéieren. Den Avantage an der Fonction publique ass, dass déi, déi wëlle vill profitéieren, keng iewescht Limite hunn, dat heescht, déi kënnen esou vill a Formation continue goe wéi se wëllen, ouni dass se dee Plaffong vun 80 Deeg hätten. An deem Sënn ass dat dann erëm e fundamentalen Ënnerscheed zum Privatsecteur.

Wou ech d'Bedenke verstinn, déi och an der Kommissioun manifestéiert gi sinn, dat ass éischter déi Fro: Wann ee Statsbeamten oder een, deen am Service beim Stat schafft, wann deen elo gären an Zukunft een oder zwee Deeg fräi hätt fir fir den Examen ze léieren, dann ass dat de Moment net méiglech. Dat ass eigentlech deen eenzege Schéinheetsfeeler an dësem Gesetz.

An do hu mer jo och no Récksprooch mam Minister vun der Fonction publique awer décidéiert, mir kéinten dat de Moment net an d'Gesetz drasetzen, well, wéi Der wësst, Verhandlungen de Moment lafen tëschent der Regierung an der CGFP. Verhandlungen, déi natierlech eng grouss Envergure hunn, net nëmmen iwwert deen heite Sujet, mä iwwer Gehälter an - also ech sinn net am Geheimnis dran - iwwer nach e ganze Koup aner Saachen. Just huet de Minister vun der Fonction publique gesot, hien hätt deen dote Punkt als ee vun deene Sujeten, déi an de Verhandlungen traitéiert musse ginn, opgefouert. An ech weess net wou mer de Moment dru sinn.

Dat heescht, dat war déi eenzeg Demande, déi mer haten, a wou mer gesot hunn: Jo, do ass effektiv en Handlungsbedarf wat d'Fonction publique ugeet, mä do hätte mer gären, dass dat am Kader vun deenen Négociatioune mat der Fonction publique soll gekläert ginn. Esou vill also zu deem dote Punkt.

Ech weess elo net, ob dat der Madame Loschetter an deene Gréngen duergeet, mä ech denken, dass ee wierklech muss en Ënnerscheed maachen tëschent de Rechter, wat d'Formation continue ugeet, fir déi Leit, déi en öffentleche Statut hunn, an déi, déi e private Statut hunn.

Deen zweete Punkt, deen hei vu jiddferengem ervirgestrach ginn ass - an dee kann ech mat ënnersträichen -, dat ass, dass mer immens laang Zäit gebraucht hunn, fir dat Gesetz hei duerch d'legislativ Hürden ze bréngen, a wéi Der jo wësst si mer nach net doduerch, well héchstwahrscheinlech de Statsrot jo wäert seng Reserven oprechterhalen, an dass dat hei nëmmen en éischte Vote ass vun engem Gesetz, wou mer dann nach eng Kéier an dräi Méint mussen en zweete Vote virhuelen. Wann de Statsrot, wéi gesot, seng Opposition formelle oprechterhält.

Also, ech bedaueren dat och, wëll awer e bëssen als Excuse dobäi ginn, dass an der Zwëschenzäit - nom Dépôt vum Gesetz an haut - e Code du Travail agefouert ginn ass, an dass also dat heite Gesetz sech an de Code du Travail situéiere muss. An dat huet also mat sech bruecht, dass eng ganz Aarbecht huet misse gemaach ginn, fir d'Numérotatioun vun den Artikelen aneschters ze maachen, wou ech muss soe mer dankbar sinn, dass de Conseil d'État déi Aarbecht fir eis gemaach huet, well esou einfach ass dat net fir dat anzereien.

An da wollt ech als leschte Punkt nach eppes ubréngen - näischt Prezises méi zum Gesetz, mä zur allgemenger Diskussioun iwwer „lifelong learning" -: Ech denken, dass et kee gëtt hei zu Lëtzebuerg, deen net gemierkt huet, dass mir an enger Wëssensgesellschaft liewen. Mir sinn dran. Et ass net eng Décisioun vun enger Regierung fir dranzekommen, dat ass einfach eng Feststellung. A mir hunn alleguerten ech géif bal soen d'Verflichtung, fir eis dauernd ze informéieren. An et ass sécher och d'Aufgab vum Stat, fir dat do ze begleeden an ze encadréieren.

Ech wëll dofir just déi eng an déi aner découragéiere fir ze mengen, dass ee jee géif genuch doranner maachen, well wann ee seet „lifelong learning", dann ass et och net mat 80 Deeg am Liewe gedoen. Dat heescht, mir mussen eis ganz vill mobiliséieren, Konditioune schafen, fir dass déi Offer u léieren an u sech adaptéiere wéi säi Wësse multiplizéieren ëmmer erëm erneiert gëtt, dass se steet.

Mir mussen och e ganze Kader dofir schafen, wat d'Zertifikatioun ugeet. Dat ass fir mech e wichtegt Element heivunner, wou mer éischt Schrëtt gemaach hunn. Mir si jo och amgaangen d'Offer ze augmentéieren iwwer eBac, dat heescht Enseignement à distance, all déi Forme vu léieren, déi ee sech do ka virstellen. Dat ass e grousse Chantier, dee wahrscheinlech ni en Enn kritt.

Ech denken och, wann ech d'Diskussioune vun deene leschte Méint gesinn, dass et och e Mentalitéitswandel muss ginn, an dass d'Leit alleguerten, mir alleguerten, sech mussen och domadder offannen, dass een eigentlech mat engem éischten Diplom zwar ee gudden Départ an d'Liewe kritt huet, mä dass den éischten Diplom net duergeet, an dass een och deene Leit, déi déi Chance net hate fir en éischten Diplom ze kréien, eng Méiglechkeet muss ginn, fir eng éischt Formatioun ze kréien. Ech stellen esou fest, wann ech d'Zeitungen, d'Communiquéé liesen, dass dat net vu jiddferengem gedeelt gëtt, an dat mécht mech eigentlech traureg.

Dofir géif ech soen, dat Gesetz hei ass ee Stéck vun engem Puzzle, dee mer zesummesetzen. Et ass e wichtege Schrëtt, mä et ass nach laang net all Problem geléist mat dësem Gesetz. Mä ech sinn awer frou, dass dat Gesetz hei esou e breede Konsens an der Chamber fënnt, an dofir soen ech lech alleguerte villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. D'Madame Minister Marie-Josée Jacobs huet d'Wuert nach gefrot.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Här President, ech wëll mech just de Mercien uschléisse vis-à-vis vun all deenen, déi dozou bäigedroen hunn - och wann et laang gedauert huet, Madame Brasseur, bis mer endlech esou wäit waren -, datt och eng Rei vu Prezisiounen an eng Rei Verbesserungen, déi virgesi sinn an deem Deel, dee mat der Jeunesse ze dinn huet, elo awer an engem éischte Vote gestëmmt ginn an domadder da wéinstens awer kënnen an dräi Méint a Kraaft trieden a mer domadder deene Leit och kënne Satisfaktioun ginn.

Dofir och dem Rapporteur a sengem Stellvertrieder an allen aneren e grousse Merci, datt mer elo déi hei schwéier Hürd geholl hunn. Merci.

M. le Président.- Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, domadder ass d'Debatt ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5337 ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen, bei 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Marcel Oberweis), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roger Negri), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann nach zur Ofstëmmung vum Projet de loi 5628 iwwert de Centre européen pour les prévisions météorologiques.

2. 5628 - Projet de loi portant approbation

- du Protocole d'amendement à la Convention portant création du Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme;

- des amendements au Protocole sur les privilèges et immunités du Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme (vote)

D'Diskussioun gouf jo gëschter ofgeschloss. D'Ofstëmme fänkt elo gläich un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5628 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Marcel Oberweis), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Romain Schneider), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

D'Madame Minister Marie-Josée Jacobs freet d'Wuert fir den Dépôt vun engem Projet de loi, huelen ech un.

3. Dépôt d'un projet de loi

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Här President, de Grand-Duc huet mech autoriséiert, de 24. Abrëll 2007, de Projet de loi iwwert de Centre intégré zu Bäerbuerg ze déposéieren.

- Projet de loi N°5723 autorisant la participation de l'État à l'extension du centre intégré pour personnes âgées à Berbourg

Merci, Här President.

M. le Président.- Ech ginn Akt vum Dépôt vun dësem Projet de loi, deen un déi zoustänneg Chamberskommissioun weidergeleet gëtt.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5636, eng Ofännerung vum Code d'instruction criminelle. D'Wuert huet de Rapporteur, déi honorabel Madame Doerner.

4. 5636 - Projet de loi concernant la disparition des personnes et portant modification du Code d'instruction criminelle

Rapport de la Commission juridique

Mme Christine Doerner *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all Joer verschwannen hei zu Lëtzebuerg eng 50 Persounen: Dorënner si jugendlech Dauerausräisser, déi fir eng kuerz Zäit verschwanne wéinst familiären oder schoulesche Problemer, awer och eeler fragiliséiert Leit a souguer Erwuessener, déi no engem Sträit einfach bei Frënn ënnerdauchen. Zum Gléck kommen déi meescht no enger kuerzer Zäit vum selwen erëm oder gi vun der Police opgegraff.

Anerer awer hannerloossen net déi geréngste Spur. Do derhannert stinn oft tragesch Schicksalen, verzweifelt Elteren, mä d'Siche vun ofgängege Persounen ass awer och fir eis Police eng delikat Affär. Firwat? Well déi betraffe Famill extrem sensibiliséiert ass. Si stellt sech Froe wéi: Läit eist Kand verletzt an engem Gruef? Ass et entfouert oder souguer ëmbruecht ginn? Huet et sech selwer eppes ugedoen? Oder hu mir eis eppes virzewerfen? Kee weess et. Gewëss ass nëmmen, datt dat Kand ni doheem ukomm ass.

Fir d'Famill fänkt eng schwéier Zäit un a si lieft an enger quälender Ongewëssheet vu Waarden, Angscht an Hoffnung. D'Aussoe bei der Police sinn do derniewent och ganz oft net zoutreffend, oder et verstoppt sech tatsächlech e Verbriechen hannert sengem Ausbleiwen.

Wéi reagéiert elo an der Praxis d'Police, wann eng Persoun vermësst gemellt gëtt?

Fir d'alleréischt: D'Date gi polizeiintern diffuséiert per Email-System, an dat erlaabt d'Ofgläiche mat Lëschte vu Spideeler, Prisongen an onbekannten Doudegen. Och Schengen-wäit kann dëse Fahndungsopruff aktivéiert ginn, an zwar iwwert den SIS, dat wëllt soen de Schengener Informatiounssystem, an dat banne 15 Minutte vun der Meldung. Bei Auslandsfäll gëtt d'Interpol ageschalt. An nëmme mam Accord vun den Eltere gi Fotoe vum Vermëssten an de Medie publizéiert. Ech wëll nach ervirhiewen: Speziell fir vermësste Kanner gëtt an der EU dëst Joer eng eenheetlech Hotline installéiert.

Mä net all Vermësstemeldung léist eng direkt grouss ugeluechte Sichaktioun aus, wou d'Polizisten, d'Pompjeeën a Fräiwëlleger onermiddlech op de Bee sinn, fir de Betraffenen ze fannen.

Mir gesinn, datt d'Responsabilitéit bei enger Vermësstemeldung bis elo exklusiv eng Responsabilitéit vun der Police ass, dat heescht, déi Vermëssteproblematik berout op enger praktescher polizeilecher Handhabung, ouni eng gesetzlech Regelung. Firwat?

Ganz einfach, well e Vermëssten am Prinzip näischt mat der Strofwelt ze dinn huet. De Begréff vun Disparitioun ass an eisem Code d'instruction criminelle weder virgesinn nach definéiert, dat heescht, de Justizapparat kann net a Bewegung gesat ginn.

Fir de Laien ass dat ganz oft onverständlech, datt bei der Sich no enger Persoun de Parquet net vu sech aus op déi gängeg Ermëttlungsmoossnamen zréckgräife kann, an dat contrairement zur Fahndung vu verdächtege Leit. Et ass also un der Zäit fir dëse Vide juridique ze fëllen. Dofir enthält dëse Projet, dee mer haut stëmme sollen, verschidden nei Prinzipien an Artikelen, déi op eng Verbesserung bei der Vermësstefahndung zile sollen.

Den Haaptpunkt vun dësem Gesetz ass, datt beim Verschwanne vu Kanner a vu fragiliséierten Erwuessenen, dat wëllt soen: Leit, déi ënner enger Mesure de protection stinn, do kann elo de Procureur all zwangsrechtlech Ermëttlungsmoossnamen huelen, déi nämlecht, déi géifen ugewannt gi bei enger Enquête en flagrance, also en flagrant délit, an dat op eegen Initiativ hin, och wa kee Verdacht op eng strofbar Handlung virläit.

An anere Wierder: De Parquet kann elo, mat der Zesummenaarbecht vun der Police judiciaire, Hausduerchsuchungen, Saisië maache vun Dokumenten, Zeien unhéieren an och op DNA-Profiler zréckgräifen. An och no engem Délai vu 24 Stonne gëtt déi Prozedur ënnert der Form vun enger Enquête préliminaire weidergefouert. Och den Untersuchungsriichter kann domadder befaasst ginn. An dës Ermëttlungsmoossnamen ënnerbriechen och all Friste vun enger Verjährung, wann eng Infraktioun géif festgestallt

ginn am Kader vun dëser Fahndung. D'Zil vun dëser Prozedur ass et, der Police nei Unhaltspunkten ze ginn iwwert d'Motiver an en eventuellt Verbleiwe vum Gesichten.

An natierlech wäert dës Prozedur och hëllefen, eventuell fingéierte Vermësstemeldungen entgéintzewierken. No dësem Projet nämlech kann de Procureur och mat der Sich vun engem Erwuessene befaasst ginn, allerdéngs nëmmen ënner verschiddene Konditiounen. Dës Aschränkunge bei dëser Persounegrupp sinn ze verstoen opgrond vun der Bewegungsfräiheet a selbstverständlech dem Recht op eng Privatsphär vu jiddfer Mënsch iwwer 18 Joer. Dat heescht, en Erwuessenen ass net verflicht, säin Openthalt senger Famill matzedeelen a kann och deementspriechend net gesicht ginn, a scho guer net ënner polizeilechem Zwang a seng Famill zréckgefouert ginn, souguer wa seng Fra dat nach esou gär hätt.

Et gëtt Leit, déi vun engem Dag op deen aneren d'Famill an d'Vergaangenheet...

(Interruption)

Dat ass egal.

...hannert sech loossen an iergendwou e ganz neit Liewen ufänken. Dat ass eng Privatsaach a keng Affär fir d'Police, an dat muss och respektéiert ginn!

Aus dësen Ursaache féiert hiert Verschwannen net ipso facto zu enger Enquête. Déi nei Prozedur setzt viraus, datt d'Verschwanne beonrouegend oder suspekt muss sinn. D'Ëmstänn wéi eng Persoun verschwënnt, hiren Alter an hire Gesondheetszoustand spillen hei eng grouss Roll.

Wann elo e Vermëssten erëmfonnt gëtt, da ka seng Adress net engem Drëtte communiquéiert ginn. Den initiale Gesetzesprojet hat déi Méiglechkeet virgesinn, mam Accord vun der Persoun, déi gesicht ginn ass, oder mam Accord vum Procureur, wann en Intérêt bestanen hätt, dës Adress weiderzeginn. De Statsrot huet awer - an zu Recht - drop higewisen, datt d'Notioun vun engem „intérêt légalement protégé" problematesch ass. Dorënner hätten zum Beispill fale kënnen: de Bénéficiaire vun enger Pension alimentaire oder awer de Créancier vun enger x-beliebeger Schold.

Mir dierfen net vergiessen, datt Zil an Zweck vun dësem neien Artikel 43-1 sinn: de Schutz, d'Sécherheet an d'Ofwier vu Geforen. An et geet net drëm, zivilrechtlech Aspekter am Reflex mathëllefe wëllen ze léisen. Et gëtt hei keng Verbindung mam Zivilrecht. Et ass en Ënnerscheed, ob ech vum Code civil profitéieren, deen et mer erméiglecht, eventuellen Ierwen hir Rechter geltend ze maachen, wann ee vun der Famill verschollen ass, dat sinn déi Présomption d'absence an déi Déclaration d'absence.

D'Kommissioun ass mat op de Wee vum Conseil d'État gaang an huet dës Dispositioun, wat d'Kommunikatioun vun der Adress betrëfft, ganz einfach gestrach. Dat heescht: A kengem Fall gesäit deen neien Text eng Matdeelung vun der Adress vir. De Conseil d'État ass der Meenung, datt d'Fro vun der Kommunikatioun vun der Adress an engem méi generelle Kader soll geregelt ginn, an zwar an engem Kader, deen déi ganz Problematik vum Accès op de strofrechtlechen Dossier ee fir allemol géif regelen.

Eng kleng Prezisioun: Wann déi betraffe Persoun awer elo nach keng 18 Joer huet oder si ass am Kader vun enger Mesure de protection - dat wëllt soen, si géif ënner Tutelle, Curatelle oder Sauvegarde de justice stoen -, da kréiche selbstverständlech d'Eltere respektiv zum Beispill den Tuteur déi Adress matgedeelt.

Mat der Aféierung vum Begrëff vun der „disparition de personnes" an eisem Code d'instruction criminelle ass och den Artikel 44 vun dësem Code ergänzt ginn an erlaabt elo dem Procureur, op d'Plaz ze goen, wou eng Läich fonnt ginn ass, an op d'Experten-an d'DNA-Profiler zréckzegräifen, fir dës Persoun ze identifizéieren an och eng Feststellung erauszefannen, wat d'Ëmstänn vun hirem Doud betrëfft.

De Procureur kann all Mëttelen, déi him zur Verfügung stinn, net nëmmen asetze beim Verschwanne vun enger Persoun oder bei engem onbekannten Doudegen, mä och bei engem schwéier Verletzen, deen opfonnt ginn ass an deen net méi selwer ka soen, wat him zougestouss ass. Domadder also kann d'Identitéit vun dëser Persoun festgestallt gi respektiv d'Ëmstänn vun de Verletzunge bestëmmt ginn.

Schlussendlech gesäit an engem leschten Artikel dëse Projet och den neien Artikel 53-1 am Code d'instruction criminelle vir, dat wëllt soen: Den Untersuchungsriichter kann och an Zukunft seng traditionell Pouvoiren ausüben am Kader vun den dräi Hypotheesen, déi an dësem neie Projet behandelt ginn, an zwar: d'Verschwanne vun enger Persoun, d'Entdeckung vun enger Läich an engem schwéier Verletzten.

Ech kommen zum Schluss a wëll Folgendes bemierken: Dëse Projet ass op Demande vum Parquet hin initiéiert ginn. De Justizminister huet e gudden Text geschriwwen, dee sech op e franséischt Gesetz vun 2002 baséiert. De Conseil d'État huet dëse Projet enger grëndlecher Revisioun ënnerzunn an huet en nei artikuléiert, formuléiert an adaptéiert.

Dësen Text ka leider an esou enger heikler Matière wéi dem Verschwannen net all Problemer léisen, mä e wäert awer d'Aarbecht vum Procureur a vun der Police vereinfachen, an dat selbstverständlech am Interessi vun de Betraffenen an hire Familljen.

Mir kënnen dëse Projet stëmmen, an ech gi gläichzäiteg den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Doerner. Éischte Riedner ass den honorabelen Här Bettel. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech der Madame Doerner als Rapportrice Merci soen. Tatsaach ass, dass e Vide juridique hei am Land bestanen huet iwwert d'Disparitioun vun der Persoun an et wichteg ass, dass dee Vide combléiert gëtt. Den Drame, deen et fir eng Famill ass oder fir eng Persoun, déi eng aner Persoun verléiert an net weess wou se ass, ass virun allem am Fall elo vu Mineuren oder vu Majeur-protégéen dramatesch gewiescht, well ee jo net weess - fir e Mineur - wat ka geschitt sinn; a bei engem Majeur protégé och net. Bei engem Majeur ass et och guer keng Dispositioune ginn, an do ass et wichteg, dass de Procureur d'État haut kann, deemno wéi d'Situatioun vun dëser Persoun ass, och esou eng Enquête opmaachen.

Dat Eenzegt, wou ee sech muss d'Fro stellen, dat ass: Am Text ass keng Rekursméiglechkeet virgesinn. Dat heescht, wann de Procureur seet: Neen, ech hunn décidéiert et géif näischt gemaach ginn, - wat ass do vu Méiglechkeet vun engem Recours? Wéi eng Rekursméiglechkeet gëtt et vis-à-vis vun der Famill, fir kënnen déi Décisioun vum Procureur d'État unzefechten? Den Text gesäit näischt vir. Vläicht weess de Minister, ob do de Code d'instruction criminelle eppes aneschters virgesäit, mä ech mengen net.

Do wou ee sech och muss d'Fro stellen, an ech sinn awer frou, an d'Rapportrice huet et scho gesot, dass de Conseil d'État awer op d'Liberté-individuellen insistéiert. Dat dote soll keen Text sinn, wou een duerno ka kucken een erëmzefannen, well ee mengt, et hätt een eppes zegutt; eng Pension alimentaire oder esou eppes. Dat wier en Text gewiescht, wou de Stat am Fong Detektiv gespillt hätt an de Leit gehollef hätt einfach probéieren aner Leit erëmzefannen, wou se net wossten..., wou se vläicht fräiwëlleg kee Kontakt méi mat der Famille d'origine hunn, mat där Persoun haten, an do de Stat gehollef hätt déi Persoun erëmzefannen.

Mir fannen et wichteg, dass deen Text an deem Sënn geännert ginn ass. An och mat deenen Amendementer, déi de Conseil d'État proposéiert huet, kann d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei deen doten Text stëmmen.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bettel. Den Här Klein huet d'Wuert.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci der Rapportrice fir hir ausféierlech Rapporten. Dës Bestëmmungen, déi mer haut hei wäerte verabschieden, maachen eng Lück an eisem Strofrecht zou, nämlech d'Verfuere vum Parquet, dem Procureur d'État an der Police judiciaire am Fall vun der Disparitioun vun enger oder méi Persounen. De Code civil sengersäits regelt a sengem speziellen Titel d'Absence vu Persounen. Esou eppes ass an eisem Strofbuch net virgesinn. Dat ass och eng aner Saach. Duerfir musse mer elo eppes aféieren, fir déi Lück zouzemaachen.

Am Prinzip ass et jo esou, datt no engem vun de Grondrechter jiddferee ka kommen oder goen, wéini a wuer e wëllt, a wéi laang e fort ass oder fort bleift. Jiddferee ka sech an der Öffentlechkeet fräi bewegen oder hannerwands hale soulaang e wëllt.

Elo gëtt et awer Situatiounen, wou e Verdacht kann opkommen, datt deem, dee länger Zäit verschwonnen ass ouni eng Noriicht ze hannerloossen, ouni eppes vu sech ze ginn, ouni vun engem anere gesinn oder begéint ze ginn, eppes kéint passéiert sinn. Do muss ee sech seriö Gedanke maachen, fir där Persoun ze hëllefen an erauszefanne wat geschitt ka sinn. D'Méiglechkeet an d'Recht musse bestoen, fir no där verschwonnener Persoun ze kucken, an zwar no préetabléierten offizielle Regelen. An deem Sënn gëtt elo de Code d'instruction criminelle ofgeännert.

Et gi bei der Disparitioun vu Persounen zwou verschidde Situatiounen - an d'Rapportrice, déi huet se schonn ënnersicht -:

Éischtens, d'Disparitioun vu Mineuren oder vu Majeuren, déi protégéiert sinn. An deem Fall gëtt présuméiert, datt se Hëllef brauchen an datt direkt muss no hinne gekuckt ginn, well do de Risque vill méi grouss ass, datt eppes virkomm ass, en vue vun hirem Alter respektiv vun hirem mental oder physesch gebriechlechen Zoustand. Duerfir kann an Zukunft de Parquet dann agräifen, laut der Prozedur vum Code d'instruction criminelle. Dat ass eng Schutzmoossnam méi fir déi Leit, déi do betraff sinn.

Zweetens, bei den Erwuessenen, déi net protégéiert sinn, do geet et net duer, datt d'Disparitioun festgestallt ginn ass. Et kommen nach Konditioune mat derbäi. An zwar déi Disparitioun muss beonrouegend - inquiétante - oder suspekt sinn, en vue vun den Ëmstänn, vum Alter vum Interessent oder vu sengem Gesondheetszoustand. D'Action publique kann net ouni Weideres a Bewegung gesat ginn. De Procureur d'État ass an dësem Fall den Décideur. Hien entscheet opgrond vun den Ëmstänn, ob et ubruecht ass oder net, ob et sech opdrängt oder net, fir ze agéieren.

De Procureur huet also eng wichteg Entscheedungsgewalt, well jo Notioune wéi d'Suspicioun an de Caractère inquiétant net genau definéiert sinn an net déi allerkloerst sinn. Am Fall, wou d'Disparitioun net opgedeckt gëtt, ënnerbriechen d'Akten, déi ënnerholl gi sinn, och d'Prescriptioun, sollt sech spéider erausstellen, datt iergendwéi e Crime oder en Delikt mat där Disparitioun do eppes ze dinn huet.

Wichteg ass och festzestellen, datt par rapport zum ursprünglechen Text de Conseil d'État motivéiert proposéiert huet, fir d'Bestëmmung erauszehuelen, datt am Fall, wou en Intérêt et géif justifiéieren, de Procureur d'État d'Adress vun engem, deen erëmfonnt ginn ass, weidercommuniquéiert. Dat ass och esou vun der Commission juridique akzeptéiert ginn.

Mir gesinn also, datt an dësem Projet de loi de Grondrechter an dem Respekt vum Privatliewe Rechnung gedroe ginn ass. Mir kréie mat dësem Gesetz Instrumenter geschaf, fir am Fall vum Verschwanne vu Persounen deene betreffenden an den interesséierte Familljen eventuell ze hëllefen a se vun hirer Verzweiflung fräizemaachen. Dat ass eng weider Moossnam, fir d'Sécherheetsgefill vun de Leit ze verstäerken. Duerfir ginn ech och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Klein. Den Här Braz huet d'Wuert nach gefrot.

M. Félix Braz *(DÉI GRËNG)*.- Merci, Här President. Just ganz kuerz, fir och d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun ze bréngen an och dem Rapporteur, der Madame Doerner, Merci ze soe fir hire Bericht.

M. le Président.- Merci, Här Braz. Den Här Henckes nach.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, dat hei ass héchstwahrscheinlech kee grousst Gesetz, wat déck an der Opinion publique debattéiert gëtt, mä wat awer bluttnoutwendeg ass. Jiddferee kennt oder huet héiere vu Fäll, wou Leit verschwonne sinn, wou Kanner verschwonne sinn, a wou et deen Ablack ganz schwéier ass, fir kënnen eng Action publique anzeleeden, fir datt no där Persoun oder deem Mannerjährege gesicht gëtt.

Dat ass heiansdo méiglech, mä de Parquet muss heiansdo op Instrumenter zréckgräifen, wou ech mech froen, ob se ëmmer an der Limite vun der Legalitéit waren, mä wat awer am Intérêt vun der Saach war. Dat war eng Lacune am Gesetz, an dofir ass et wichteg, datt déi Lacune elo opgehuewe gëtt.

Et ass e gutt Gesetz, an dofir wollt ech och den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, dat hei ass e Gesetz, wou Recht a Gefiller ganz no beienee leien. An de Fait, datt mer an deene leschten 100 Joer déi Dispositiounen hei net am Gesetz haten, obschonns datt mer all Joer - wéi d'Rapportrice zu Recht gesot huet - ronn 50 Disparitiounen hunn, beweist d'ganz Schwieregkeet, déi besteet, fir esou eppes an engem Gesetz richteg unzepaken.

Mir hunn dat Gesetz hei op de Wee ginn, well mer gemengt hunn, datt hanner ville vun deenen Disparitioune sécherlech op där enger Säit de Wonsch vu Fräiheet vun deem Eenzelne besteet, fir ze verschwannen, mä awer op där anerer Säit och ganz vill Misär a Suerg vun anere besteet, déi e Recht drop hunn ze wëssen, wou hire Familljemember hin ass. An dat Recht gëtt quasi zu enger Flicht fir de Stat, wann et sech ëm mannerjäreg Leit handelt oder ëm Majeuren, déi ënner engem extrae Régime de protection sinn.

Duerfir hunn ech fonnt, datt, obschonns all déi Regierunge virdrun an dësem Kontext dem Procureur d'État keng Handhab ginn hunn, ee misst an dëser Matière de ville Familljen hëllefen, déi eis oft dramatesch Bréiwer geschriwwen hunn, well se gesot hunn: Et ass ee verschwonnen, an de Stat kann näischt maachen, well net onbedéngt en Element vun Infractioun gi ginn ass. Do kënne mer näischt maachen.

Duerfir sinn ech frou, datt hei dëse Projet esou eng breet Zoustëmmung fënnt. Well ech mengen, et ass e Projet, dee sech juristesch ugesäit, mä deen awer zum Zil huet, sécherlech d'Fräiheet vun engem ze respektéieren, mä virun allem awer derfir ze suergen, datt vill Misär ka méi kleng gemaach ginn doduerch, datt de Stat Mëttelen huet opzeklären, wou eng Persoun ass oder firwat eng Persoun net méi wëllt mat hirer Vergaangenheet eppes ze dinn hunn.

Duerfir géif ech och gären der Madame Doerner fir hire Rapport Merci soen, gradesou wéi deenen aneren Deputéierten, déi heizou Stellung geholl hunn, a Merci och fir déi breet Ënnerstëtzung, déi dëse Projet schéngt hei an der Chamber ze fannen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Här Bettel!

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, ech hat eng Fro gestallt: Wann de Procureur elo géif refuséieren, bei engem Majeur esou eng Enquête opzemaachen, wat do d'Rekursméiglechkeete vun der Famill sinn? Ass do eppes virgesinn?

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Ech géif a priori mengen, datt dat ënnert de Prinzip fält, datt de Procureur ëmmer selwer entscheet, a wéi engem Moment en eppes mécht, an datt do déi allgemeng Prinzipië vum Code d'instruction criminelle géife spillen.

(Interruption)

An deem Fall géif dat heeschen, kee Recours. Ech mengen, haut gi mer de Leit e substanziellt Recht bäi, wat de Procureur, deen am Numm vum Stat dat mécht, op eng responsabel Aart a Weis wäert maachen, an duerfir gesinn ech do en zousätzlecht Recht, wat mer de Leit ginn, wat een net anescht brauch ze encadréieren.

M. le Président.- De Procureur jugéiert d'Opportunitéit.

Voilà, mir kommen dann zu der Ofstëmmung vum Projet de loi 5636.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5636 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger

Negri, Jos Scheuer (par M. Marc Angel), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut, an dat ass de Projet de loi iwwert d'Schafung vun enger Société de gestion de patrimoine familial. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Mosar.

5. 5637 - Projet de loi relative à la création d'une société de gestion de patrimoine familial («SPF»)

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat der Diskussioun an der Ofstëmmung vum Projet de loi iwwert d'Société de gestion de patrimoine familial wäert d'Chamber haut déi zweet Etapp hannert sech bréngen an der Suite vun der Ofschafung vum Holdingsstatut vun 1929.

Déi éischt Etapp si mer am leschten Dezember gaangen, wou mer an engem Gesetz d'Iwwergangsbestëmmunge festgelucht hunn, déi definitiv den 31. Dezember 2010 auslafen, vun deem Datum un also, wou et och keen Holdingsstatut méi wäert an eisem Land ginn.

Eng drëtt a lescht Etapp wäert da sinn - an ech wäert zum Schluss nach kuerz dorobber ze schwätze kommen -, datt, nodeem mer haut en neie Vehikel fir d'Gestioun vu Privatverméigen en place setzen, mer och mussen dofir suergen, datt déi institutionell Investisseuren en ähnlecht Instrument zur Verfügung gestallt kréien, well si net kënnen op d'SPF zréckgräifen. Eréischt da wäerte mer dann och d'Buch vun der Holding '29 kënnen definitiv zoumaachen.

Ech wëll hei am Detail net méi op d'Virgeschicht agoen, déi allgemeng bekannt ass an déi op d'Décisioun vum 19. Juli vum leschte Joer vun der Kommissioun zréckgeet, déi gemengt hat, datt den Holdingsstatut 1929 eng net zoulässeg Statshëllef géif duerstellen.

Ech wëll och haut an hei net méi op déi Argumenter vun der Kommissioun agoen; dat hu mer alles schonn an der Diskussioun vum éischte Projet am leschten Dezember gemaach, esou datt ech mer dat kann erspueren a mech exklusiv wëll konzentréieren op dee Projet de loi, dee mer haut an hei diskutéieren.

(M. Henri Grethen prend la Présidence)

Virausschéckend wëll ech dann nach eng Kéier betounen, datt dësen neie Steierstatut net nëmmen als Holdingersatz geduecht ass, mä a sech vill méi eng breet gefächert Clientèle wëllt usprieche wéi déi, déi sech am Holdingsstatut erëmfënnt. Ech sinn dann och perséinlech dovun iwwerzeegt, datt mer mat der Schafung vun dësem neie Steierstatut der Banken- a Finanzplaz en zousätzlechen innovative Projet dohinner setzen, deen hoffentlech deeselwechte grousse Succès wäert kenne wéi d'Holding '29.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Objektiv vun dësem Projet ass, d'Flexibilitéit, déi d'Privatpersoune bei der Gestioun vun hirem Privatverméige brauchen, mat enger ugepasstener Fiskalitéit ze verbannen.

Ech wëll awer elo net am Detail op all eenzel Dispositioun vun dësem Gesetzesprojet agoen - Dir kënnt dat alles noliesen a mengem schréftleche Rapport -, mä ech wëll mech dorop limitéieren, lech nach eng Kéier déi grouss Prinzipië vun der SPF hei ze résuméieren.

Ufänke wéilt ech nach eng Kéier andeem ech betounen, datt d'SPF keng nei Gesellschaftsstruktur ass, mä a sech just e Steierstatut - esou wéi dat och bei der Holdinggesetzgebung de Fall ass. Dëst bedeit dann och, datt d'SPF kann an all Form vu Kapitalgesellschaft agekleet ginn, sief dat eng Société à responsabilité limitée, eng Société anonyme, eng Société en commandite par actions oder eng Société coopérative, déi awer ënner Form vun enger Société anonyme organiséiert ass.

Et ass dann och kloer, datt dës moralesch Persoun vun der limitéierter Haftung vun der Personne morale profitéiert an domadder och en eventuelle Recours vun Drëttpersoune limitéiert.

Wat kann dës SPF fir Aktivitéiten entwéckelen? Si kann a sech all Zorte vu Finanzaktivae kafen, besëtzen, verkafen a géréieren. Wat awer expressément ausgeschloss ass, dat ass, datt dës Gesellschaft kommerziell Aktivitéite bedreift, wat dann och mat sech bréngt, datt d'SPF net direkt kann Immobilië besëtzen an och keng rémunéréiert Prêten u Sociétéite kann accordéieren, an deene se selwer eng Participatioun hätt.

Schlussendlech kënnen d'Aktië vun enger SPF nëmme vun enger limitéierter Zuel vun Investisseure gehale ginn a kënnen also net op enger Bourse cotéiert ginn.

Wie kann elo Aktionär an esou enger SPF an Zukunft ginn? Fir d'alleréischt natierlech all d'Privatpersounen, derniewent awer och all sougenannten Entité patrimoniale, déi am Intérêt vum Privatverméige vun enger oder méi physesche Persounen agéiert. Betoune wéilt ech heizou, datt esou eng Entité patrimoniale kann en Trust, eng Stëftung oder Fondatioun sinn, awer och all aner Zorte vu moralescher Persoun Lëtzebuerger oder auslännescher Nationalitéit ënnert der Oplag, datt se keng kommerziell Aktivitéite bedreift. Schlussendlech kann awer och en Intermédiaire optriede fir déi Investisseuren, déi ech virdrun hei opgelëscht hunn.

Wéi ass elo d'Administratioun vun dëser SPF organiséiert? Hei wëll ech nach eng Kéier betounen, datt d'Gesellschaft en tant que telle net kann an engem Conseil d'administration vun enger Gesellschaft vertruede sinn, an där se selwer eng Participatioun hätt. Et ass allerdéngs net verbueden, datt den Aktionär direkt oder den Administrateur vun der SPF an esou enger Gesellschaft am Conseil d'administration siégéiert.

Wéi ass elo de genaue steierleche Statut? Dës SPF bezilt weder Akommessteier nach Gewerbesteier an ass och net der Verméigenssteier ënnerworf, ausser - an do renvoyéieren ech op dat ëmgeännert Gesetz vum 4. Dezember 1967 - wa se während engem Exercice net méi wéi 5% vun Dividenden touchéiert, déi aus Participatioune vu Gesellschafte kommen, déi kenger vergläichbarer Steier ënnerworf si wéi eiser Kollektivitéitssteier.

Wat déi indirekt Steiere betrëfft, fält d'SPF natierlech drënner; dat heescht, si bezilt souwuel den Droit d'apport wéi d'Taxe d'abonnement. Allerdéngs gëtt souwuel den Taux wéi de Berechnungsmodus vun der Taxe d'abonnement fir d'SPFen anescht fixéiert. Esou bezuele si an Zukunft en Taux vun 0,25%, allerdéngs référéiert d'Besteierungsbasis sech just op dat libéréiert Kapital, dat duerch d'Prime d'émission nach kann augmentéiert ginn. Parallell gëtt dann och e Plaffong vun 125.000 Euro fir d'Taxe d'abonnement agefouert.

Schlussendlech wëll ech nach zu dësem Punkt bemierken: D'SPF fält dann och net - ënnert d'Duebelbesteierungsofkommes, par contre awer ënnert de Secret professionnel, wéi en am Paragraph 178bis vum allgemenge Steiergesetz festgeschriwwen ass.

Wat elo d'Dividende betrëfft, déi vun enger SPF ausbezuelt ginn, esou falen déi net ënnert d'Retenue à la source. Dëst gëllt allerdéngs net fir déi Zënsen, déi vun enger SPF selwer ausbezuelt ginn, well déi ënner esou eng Retenue à la source kënne falen.

Wéi fonctionnéiert elo d'Kontroll vun der SPF? Hei sief direkt preziséiert, datt et d'Enregistrementsverwaltung ass, déi hei zoustänneg gëtt. Fir der Administratioun awer ze erméiglechen, hir Kontroll auszeüben, muss d'Gesellschaft selwer eng Rei vu Vérificationns- a Certificationsobligationen erfëllen. Dës ginn am Prinzip vum Domiciliataire vun där Gesellschaft iwwerholl. Sollt d'Gesellschaft keen esou en Domiciliataire hunn, mussen dës Verflichtunge vun engem Réviseur d'entreprises iwwerholl ginn.

Wat sinn elo d'Sanktiounen, wann déi SPF sech net un déi elo vu mir virdru beschriwwen Oplagen hält?

Dann huet den Direkter vun der Administration de l'Enregistrement d'Méiglechkeet, der SPF hire Statut ewechzehuelen, allerdéngs - an dat wëll ech hei nach eng Kéier expressément betounen - ass dat net eng Obligatioun fir deen Direkter, mä eng Fakultéit. Dat heescht, den Direkter behält hei e gewëssenen Ermiessungsspillraum, wat d'Ausschwätze vun esou enger Strof betrëfft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, domadder kommen ech och scho bal zum Schluss. Eng lescht net oninteressant Fro, déi ech awer hei nach wollt beäntwerten, ass déi: Wat fir eng Prozedur muss respektéiert ginn, wann een eng aktuell existéierend Holdinggesellschaft an eng SPF wëllt ëmwandelen?

Hei ass fir d'éischt ze betounen, datt natierlech all Bedéngunge vun der SPF mussen erfëllt ginn. Ass dat de Fall, geet et duer, datt et hei zu enger Statutenännerung kënnt, wou an éischter Linn den Objet, d'Dénominatioun vun der Gesellschaft mussen ugepasst ginn, an dëst muss natierlech duerch en Notärsakt geschéien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn et virdrun a menger Aleedung gesot: Duerch d'Schafung vun der Société de gestion de patrimoine familial kritt d'Banken- a Finanzplaz en neit interessant Instrument zur Verfügung gestallt fir d'Verwaltung vu Privatverméigen. Ech si perséinlech dovun iwwerzeegt, datt dëst en effizient Instrument ass, wat de Besoinë vu ganz villen Investisseure wäert entspriechen, an ech zweifelen eigentlech dofir och net um Succès vun dësem neie Produit.

Allerdéngs kënnen déi institutionell Investisseuren, wéi ech et scho virdru gesot hunn, net op dëst Instrument zréckgräifen, an dofir géif ech och haut an hei nach eng Kéier dofir plädéieren, Här Minister, fir eventuell iwwert de Wee vun enger Adaptatioun vun eiser SOPARFI-Législatioun d'Iddi vun den Intérêts notionnels wéi awer och d'Taxatioun vun de Plus-values sur valeurs mobilières vu moralesche Persounen esou steierlech ze organiséieren, datt mir weider kompetitiv bleiwe par rapport zu eisem noen Ausland, an hei denken ech ganz besonnesch un d'Belsch an un Holland.

Ech géif dofir d'Regierung bieden, esou schnell wéi méiglech hei Neel mat Käpp ze maachen an an deenen nächste Wochen e Projet de loi ze deponéieren, deen d'Interesse vun dësen institutionellen Investisseure berücksichtegt.

An deem Kontext erlaabt mer dann och nach eng Kéier derfir ze plädéieren, Här Minister, den Droit d'apport ofzeschafen, dat ëmsou méi well jo d'Europäesch Kommissioun spéitstens bis 2010 dësen Droit d'apport wëllt EU-wäit ofgeschaaft gesinn.

Här President, no der Adoptioun vum Gesetz iwwert d'Fonds spécialisés, dat sech elo schonn als e grousse Succès erausstellt, schafe mer haut d'Grondlag, fir datt d'Finanzplaz Lëtzebuerg och an Zukunft a vläicht nach méi wéi bis elo en Zentrum vun der Verwaltung vu Privatverméige gëtt. Meng Hoffnung als Rapporteur wier op jidde Fall, datt mer haut den Ufank vun enger ähnlecher „success story" schreiwe wéi déi vun eise Virgänger, déi 1929 d'Holdinggesetzgebung op d'Schinne gesat hunn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Mosar. Als éischte Riedner ass den Här Lucien Thiel agedroen. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Thiel *(CSV).*- Merci, Här President. Fir unzefänken dem Kolleeg Laurent Mosar villmools Merci fir säi Rapport. En e bësse scho bal ze ausféierleche Rapport, well dat, wat ech lech ze soen hunn, gläicht deem, wat hien lech elo grad gesot huet, zimlech staark.

Et wosst een zwar, datt eppes am Komme wier, nodeems d'Direction générale, d'Konkurrenz vun der Bréisseler Kommissioun ufanks Februar vum leschte Joer eiser Regierung matgedeelt huet, si géif eng Prozedur no Artikel 88 vum Gemeinschaftstraité, also eng Enquête ulafe loossen.

Mä trotzdeem huet et eis kal erwëscht, wéi den 19. Juli d'lescht Joer vu Bréissel et geheescht huet, d'Europäesch Kommissioun wier trotz alle Géigenargumenter vun der Lëtzebuerger Regierung zur Konklusioun komm, datt de Steierregime vun eisen Holdinge géint d'europäescht Recht géif verstoussen. Dofir, esou housch et, däerft ab sofort keng där Holdinge méi gegrënnt ginn an déi existéierend misste bis zum Joresenn ofgeschaaft ginn.

Also eppes wat 77 Joer laang anstandslos fonctionnéiert huet, wat et an 12.600 Exemplare gëtt, gutt 20 Milliarden Euro wäert ass an dem Stat ronn 40 Milliounen Taxe d'abonnement am Joer abréngt; eppes wat nach fënnef Joer virdrun, no enger klenger Korrektur, de Seege vu Bréissel, allerdéngs vun enger anerer Direction générale, kritt hat, war op eemol eng Ausgebuert vun Illegalitéit an huet direkt missen exekutéiert ginn.

No deem Coup, dee verständlecherweis Oprou ënnert d'Clientë vun eiser Finanzplaz bruecht an duerfir eng schnell Reaktioun verlaangt huet, stoung d'Regierung virum Choix, entweder den Haarden ze markéieren an op den Europäesche Geriichtshaff ze goen, wou mir de Juristen zufolleg 50% Chance gehat hätten, fir Recht ze kréien, awer dat eréischt no zwee oder no dräi Joer, oder awer mat Bréissel ze verhandelen, fir op d'mannst en Opschub vum Délai erauszeschloen.

D'Regierung huet dee verstännege Wee gewielt, an de Minister Frieden huet doropshin déi zoustänneg Kommissärin - d'Madame Kroes - dozou bruecht, eisen Holdingen eng Gaalgefrist bis Enn 2010 ze accordéieren.

Dat gouf dann och an deem Gesetz festgehalen, dat mir am Dezember hei gestëmmt hunn, dat de Laurent Mosar elo nach grad erwähnt huet.

Domat war natierlech den eigentleche Problem nach laang net geléist. D'Clientë wollte wëssen, wéi et duerno géif weidergoen, a waren net wëlles bis 2010 ze waarden, éier se sech décidéiere géifen, fir hir Suen zu Lëtzebuerg ze loossen oder se anzwousch anescht ënnerdaach ze bréngen. Et huet also misse séier gehandelt ginn.

Dat ass, wéi mir haut gesinn, geschitt. Knapp néng Méint no der Hiobsnouvelle vu Bréissel solle mir elo e Gesetz stëmmen, dat de Problem zwar net ganz léist, awer op d'mannst e gudden Deel dovun.

Mat hirer net grad iwwerzeegender Argumentatioun, d'Holdinge wieren Entreprisen an dofir ze besteiere wéi aner Entreprisen och, well si aktiv Gestioun géife maachen, hunn déi Bréisseler Konkurrenzwiechter eiser Regierung eng Upak ginn, fir de Problem ze splécken an esou een Deel vun den Holdingen aus dem Collimateur erauszehuelen.

Et gëtt wuel Holdingen, déi ganz geheireg an d'Finanzmäert agräifen an eng ganz aktiv Gestioun vun hirem Patrimoine maachen, woumat se natierlech an d'Schosslinn vun der Bréisseler Kommissioun geroden. Dat sinn duerch d'Bänk déi ganz déck Holdingen, déi d'Avoirë vu grousse Multinationalen an anere kapitalkräftege Gesellschaften hei bei eis géréieren.

Mä déi grouss Majoritéit - et heescht ëm déi 80% - vun eisen Holdinge sinn éischter Familljenentreprisen, déi de Patrimoine vun hire Besëtzer verwalten an déi dat op eng méi konservativ, manner aggressiv Aart a Weis maachen. Vu wirtschaftlecher Aktivitéit am Sënn vun der Kommissioun kann do wuel kaum Rieds sinn. An anere Wierder: Bei dësen Holdinge konnt wuel de Virworf vun der staatlecher Bäihëllef net gräifen, deen d'Madame Kroes eisen Holdingen in globo unhänke wollt.

Do war et nëmme logesch, datt d'Regierung sech drop versteift huet, d'Familljenholdinge wiere vun dem Bréisseler Doudesuerteel net betraff a kéinte weiderhi vum avantagéise Steierregime profitéieren.

Déi Logik gouf dann och an dat Gesetz ëmgesat, dat mir haut stëmme sollen, an dat sech am Wiesentlechen op d'Definitioun vun där Zort vun Holdinge konzentréiert, déi lech elo grad vum Kolleeg Rapporteur auserneegelucht ginn ass.

Domat wier och deen Deel vun eisem Problem geléist. Bleift dann nach deen aneren, dee vun de sougenannten institutionellen Holdingen. Dee weit net nëmmen e ganze Krack méi a puncto Volume, a puncto Suen, mä en ass och dee kriddelechsten, well Bréissel grad déi Zort Holdingen um Napp huet an et hei net mat e puer Korrekture gedoe ka sinn.

Mä dat kann an däerf keng Entschëllegung sinn, fir de Problem op d'laang Bänk ze tesselen. Hei geet et ëm vill Milliounen, fir net ze soe Milliarden, an et geet ëm gewiichteg Clienten, déi esou séier wéi méiglech gär eng Äntwert drop hätten, wéi et dann elo mat hirer Holding géif hei weidergoen.

Fir hinnen déi Äntwert ze ginn, brauche mir emol d'Rad net nei ze erfannen. Mir hunn nämlech schonn an den 80er an an den 90er Joren e Vehikel geschaf, deen duerchaus amstand ass, d'Relève vun den institu-